



Ëm wat geet de Projet?

S-Team : « Setz dech an ! » ass ee Projet zur Gewaltpräventioun an Zesummenaarbecht mam SNJ

Kanner (Jugendlecher), déi fir aner Kanner (Jugendlecher) strukturspezifesch Aktiounen an Aktivitéiten zur Gewaltpräventioun duechféieren, mat der Ënnerstëtzung vun erwuessenen Begleedpersounen.

Wat heescht S-Team?



„S“ steet fir :

- Stark,
- Super
- Sozial
- Solidaresch,
- Setz dech a géint Gewalt



Wat sinn d'Ziler vum S-Team?

- Verbesserung vum Zesummenliewen
- Kanner, Jugendlecher, motivéieren sech fir Gewaltpräventioun anzesetzen andeem si Ideeën dozou abrénge an ëmsetzen
 - Mat Verantwortung ze iwwerhuelen an aktiv ze ginn
- Entwécklung vun empateschen a soziale Fäegkeeten, et geet net drëm Polizisten oder Riichter am Schoulhaff auszebilden
- Partizipatioun vun de Kanner zum Thema Gewalt stäerken

D'Ausbildung

D'Ausbildung dauert 16 Stonnen fir maximal 15 Kanner vum Cycle 3-4 déi vun ausgebildete Coachen an der Maison Relais geleed gëtt

